DÉI JONK
AN DER CSV

Petitioun 698 – Verstoen amplaz ze (ver)urteelen

D'Petitioun 698 iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch, déi Enn August an d'Chamber eragereecht gouf, zielt mëttlerweil schonn iwwert 13000 Ënnerschrëften. Säit deem maachen sech och Stëmme bemierkbar, déi sech zum Zill gesat hunn eleng d'Existenz vun dëser Petitioun an d'lächerlecht ze zéien, sou wéi och d'Leit déi se ënnerschriwwen hunn ob eng scho bal grotesk Aart a Weis ze karikaturéieren.

Dës iwwerhieflech an arrogant Astellung dréit der Demokratie am Land net bäi an ass hirer och net wierdeg. Et ass vill méi de Versuch virun engem Debat fortzelafen andeems ee veruerteelt a stigmatiséiert fir esou d'Problematik ze ëmgoen. Et ass un der Zäit datt ee beim Sujet vun der Méisproochegkeet hei am Land sech d'Fro stellt **wéi een ee sachlechen an ëffentlechen Debat kéint féiere fir esou d'Gemidder ze berouegen.** Wann awer esou ee Prozess net zu stane kënnt, ännert sech näischt a sou wäerten d'Meenungen och weider ausernee goen.

Eng raisonnabel Dosis un **Empathie** ass elo gefrot. Amplaz datt een d'Leit verdaamt déi hir Ënnerschrëft ënnert d'Petitioun setzen, soll ee vill méi probéieren ze **verstoe** wat dës Leit motivéiert fir iwwerhaapt eng Petitioun ze ënnerschreiwen, déi fuerdert datt d'Lëtzebuerger Sprooch déi éischt national Sprooch virum Däitschen a Franséische soll ginn. Datt esou vill Leit dës Petitioun ënnerschreiwen, huet bestëmmt och domadder ze dinn datt e Gefill vun Onsécherheet par Rapport zu Lëtzebuerger Sprooch besteet. **Se gesinn hir Sprooch a Gefor**. „Wann haut näischt ënnerholl gëtt fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze erhalen, stierft se", huet de Lucien Welter zur Petitioun deklaréiert. **Ob déi Onsécherheet faktesch gerechtfertegt ass oder net, sou ass awer d'Perceptioun dervu reell.**

An den Ae vun der CSJ, muss een de Kär vun der Saach upaken. Net fir ze ënnerdrécken an esou de Populisten Opdriff ze ginn, ma andeems een d'Saach eescht hëlt. **D'Qualitéit vum Debat dee gefouert sollt ginn, muss op mannst grad esou wichteg sinn eréi säin Inhalt. D'CSJ bekennt sech kloer dozou d'Lëtzebuerger Sprooch als Integratiouns- a Kommunikatiounssprooch wéi och d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg ze förderen. D'Asetze fir d'Opwäertung vum Lëtzebuergeschen bedeit net automatesch, dass déi aner Sprooche sollen ausgeschloss ginn.** D'Medien, déi politesch Acteuren an d'zivil Gesellschaft mussen heibäi Hand an Hand doru schaffe fir nei Methoden ze fannen, wéi een deen ëffentlechen Debat kéint féieren. Esou kéint een op eng objektiv Aart a Weis erkläre wéi wäit déi aktuell sproochlech Situatioun dem Räichtum vum Land bäidréit andeems een awer och net vergësst bäi deem Debat jiddereen zu Sprooch kommen ze loossen.

Pressecommuniqué vum CSJ-Nationalcomité

DÉI JONK
AN DER CSV

Petition 698 – Verständnis statt (Vor-)Urteile

Infolge der Hinterlegung der Petition 698 über die luxemburgische Sprache Ende August in der Abgeordnetenkammer, welche bereits mehr als 13.000 Unterschriften gesammelt hat, haben mehrere Stimmen nicht nur versucht die bloße Existenz dieser Petition der Lächerlichkeit preis zu geben, sondern auch die Unterzeichnenden selbst auf fast schon groteske Weise zu karikieren.

Dieses hochmütige und arrogante Gebaren trägt jedoch nicht im Mindesten zur Demokratie in unserem Land bei und ist ihrer auch nicht würdig. Anstatt vor der Debatte zu flüchten, indem man sich auf Vorurteile stützt und sich der Problematik durch Stigmatisierung entzieht, sollte man mit der Frage anfangen **wie ein wahrhaft differenzierter Vorgang über die Mehrsprachigkeit in unserem Land in Gang gebracht werden kann,** mit dem Ziel **eine öffentliche Diskussion führen zu können, welche sich dieses Titels auch als würdig erweist, und welche es uns erlauben würde ein für alle Mal zu Schlussfolgerungen zu gelangen, welche jede Seite beruhigen würden.** Ohne einen solchen Vorgang wird jeder auf seinem eigenen Standpunkt beharren.

Um dies umzusetzen ist eine vernünftige Portion **Empathie** unverzichtbar. Anstatt die Unterzeichnenden pauschal zu verdammen, sollte man damit anfangen zu **verstehen** was sie dazu bewegt eine Petition zu unterzeichnen, welche fordert die luxemburgische Sprache als erste Amtssprache vor dem Deutschen und dem Französischen festzulegen. Wenn so viele Luxemburger unterzeichnet haben kann dies nur daraufhin deuten, dass ein starkes Gefühl der Unsicherheit gegenüber der luxemburgischen Sprache existieren muss. **Sie empfinden ihre Sprache als gefährdet.** „Wenn heute nichts für die Rettung der luxemburgischen Sprache unternommen wird, wird sie sterben", so äußert sich Lucien Welter, der Petitionssteller. **Unabhängig davon ob diese Unsicherheit faktisch gerechtfertigt ist oder nicht, diese Wahrnehmung ist sehr real.**

In den Augen der CSJ muss man beim Kern dieser Wahrnehmung einsetzen. Nicht indem man sie sich nach und nach aneignet, was nur weiteres Wasser auf die Mühlen der populistischen Parteien bedeuten würde, sondern indem man sie ernst nimmt. **Die Qualität des notwendigen Diskurses ist mindestens genauso wichtig wie sein Inhalt. Die CSJ bekennt sich klar zur Förderung der Luxemburgischen Sprache als Integrations- und Kommunikationssprache sowie des Multilingualismus in Luxemburg. Der Einsatz für eine Aufwertung des Luxemburgischen bedeutet nicht zwangsläufig einen Ausschluss der anderen Sprachen zu fordern.** Hand in Hand müssen die Medien sowie die Akteure der politischen wie auch der zivilen Gesellschaft neue Methoden in Betracht ziehen, welche einen öffentlichen Diskurs ermöglichen, der es erlaubt auf eine objektive Art zu erklären wie die aktuelle sprachliche Situation zum Wert unseres Landes beiträgt, darauf achtend, dass jeder sich beteiligt fühlt.

Pressemitteilung des CSJ-Nationalvorstandes

DÉI JONK
AN DER CSV

Pétition 698 - Comprendre au lieu de (pré-)juger

Suite au dépôt de la pétition 698 sur la langue luxembourgeoise fin août à la chambre des députés qui a déjà dépassé les 13 000 signatures, de nombreuses voix se sont élevées pour tenter non seulement de ridiculiser l'existence même de cette pétition, mais également de caricaturer l'ensemble de ses signataires.

Cette attitude hautaine et arrogante n'est pourtant pas digne de servir la démocratie dans notre pays. Plutôt que d'échapper au débat en se basant sur des aprioris, d'esquiver la problématique en jugeant et en stigmatisant, il faudrait commencer par se poser la question de **savoir comment un véritable processus dialectique peut être enclenché au sujet du multilinguisme dans notre pays**, en vue **d'avoir un débat public digne de ce nom, permettant d'aboutir à des conclusions qui rassureront, une fois pour toute, tous les esprits**. Si un tel processus n'est pas enclenché, chacun continuera à camper sur ses propres positions.

Pour ce faire, une dose raisonnable d'**empathie** est nécessaire. Plutôt que de damner les signataires, il faut commencer par **comprendre** ce qui les motive à signer une pétition exigeant que la langue luxembourgeoise devienne la première langue nationale du pays avant l'allemand et le français. Si autant de personnes ont signé, c'est qu'a fortiori, un sentiment d'incertitude par rapport à la langue luxembourgeoise doit exister. **C'est qu'elles perçoivent leur langue comme étant menacée**. « Si rien n'est fait aujourd'hui pour sauver la langue luxembourgeoise, elle mourra », a déclaré Lucien Welter, à l'origine de la pétition. **Que cette incertitude soit factuellement justifiable ou non, cette perception n'en demeure pas moins réelle**.

Aux yeux du CSJ, c'est au cœur même de cette perception qu'il faut œuvrer. Non pas en tentant de l'empiéter, apportant ainsi de l'eau au moulin des partis populistes, mais en la prenant au sérieux. **La qualité du débat qui doit être mené est au moins aussi importante que son contenu. Le CSJ se proclame clairement pour promouvoir à titre égal le luxembourgeois comme langue d'intégration et de communication ainsi que le multilinguisme au Luxembourg. Le fait de plaider en faveur de la valorisation de la langue luxembourgeoise n'implique pas inéluctablement que l'on milite pour l'exclusion des autres langues.** Main dans la main, les médias, les acteurs politiques et de la société civile doivent envisager de nouvelles méthodes pour que puisse avoir lieu un débat public permettant d'expliquer d'une manière objective dans quelle mesure sa situation linguistique actuelle contribue à la richesse de notre pays, en veillant à ce que tout un chacun se sente partie prenante.

Communiqué de presse du CSJ